# Zwee O2Rescue Rucksäck

D'FLASSA huet fir d'Saison 2020 zwee O2Rescue Rucksäck kaaft.
Si stinn den Daucher aus den affiliéierte Clibb zur Verfügung.




**An der Base nautique Lultzhausen**




E Rucksak ass zanter dem 18. Mee 2020 an de Vestiaire vun der Base nautique Lultzhausen installéiert.

Zwee Leit kënne gläichzäiteg iwwer den Demand System mat 100% medezinesche Sauerstoff versuergt ginn.
Alternativ zum Demand-Ventil kann och 1 Persoun mat der OxyMask iwwer de Constant-Flow Uschloss mat 15 l/Min Sauerstoff versuergt ginn.
Am Rucksak ass eng 2 l Fläsch 200 Bar.
An als Reserve ass eng 5 l Fläsch 200 Bar op der Plaz.

Bei all Verdacht op en Dauchakzident soll den Daucher direkt Sauerstoff kréien, cf. *Éischt Hëllef Prozeduren*.

Gläichzäiteg soll den Daucher encouragéiert ginn, vill Waasser a reegelméissege klenge Prisen ze drénken (1 Liter an der éischter Stonn), mat 3 Ausnamen bei engem wéineg collaboréiernden Daucher:
* Risiko vun Inhalatioun,
* Iwwelzegkeet an/oder Iwwerginn (Vomissement),
* Verdacht op Problemer mam Verdauungstrakt.

Eng Gebrauchsanweisung ass a der Base nautique affichéiert.

All Daucher soll sech mam neien Ekipement vertraut maachen an et testen, datt am Noutfall beim Asaz vum O2Rescue Rucksak keng onnéideg Zäit vergeet.

All Test ass am Benotzerlogbuch, dat am Rucksak läit, ze notéieren. All Deeler, déi ugepaakt goufen, mussen erëm desinfizéiert ginn an all Material genee op seng Plaz am Rucksak geluecht ginn.

*No all Asaz vum Rucksak bei engem Dauchakzident oder engem Verdacht ass de Jean-Louis Gindt, President vum CT, z'informéieren (Handy: +352 691 370 072, resp. jean-louis.gindt@education.lu).*

**Inhalt vum Rucksak an der Base nautique zu Lëlz:**




- Basis Pro Drockminderer mat 2 Demandventil-Uschlëss an 1 Constant-Flow-Uschloss,
- 2 mol 2m Sauerstoffschlauch + 2 Demand-Ventiler,
- 2 Demand-Ventil Masken, 2 Tauchermondstécker fir op d'Demand-Ventil, 2 Nueseklemmen,
- 1 OxyMask fir de Constant-Flow,
- 10 Puer Vinyl Eeweehändschen,
- 5 FFP2 Maske fir de Secourist,
- 1 Sterilium Händdesinfektiounsmëttel 100 ml (fir de Secourist – net fir d'Material ze botzen),
- 1 Puls Oxymeter,
- 2 Rettungsdecken, 2 Verbandspäckelcher mat Kompresse 8 x 10 cm,
- 1 Beootmungsmask mat O2 Uschloss,
- 1 Schéier.

All Material, dat verbraucht gouf, ass och an der Verbrauchslëscht, déi am Rucksak läit, anzedroen.

**Am Büro vun der FLASSA**

Am Büro vun der FLASSA kann en zweeten O2Rescue Rucksak vun den affiliéierte Clibb fir Veräinsaktivitéiten ausgeléint ginn.

An dësem Rucksak ass bal dat selwecht Material wéi an deem an der Base nautique zu Lëlz, awer just 1 Demand-Ventil mat engem 1m Schlauch. Zousätzlech ass nach en Ambu dran.

**Benotzung vum Demandventil**

En *<u>Daucher, dee bei Bewosstsinn ass a selwer otemt</u>*, kann iwwer d'DemandVentil mat enger d'Mask ootmen oder mam Dauchermondstéck an enger Nueseklemm.





E *<u>bewosstlosen Daucher, deen net méi otemt</u>*, muss beotemt ginn. Dat geet och iwwer d'Demandventil andeems de Secourist fir d'Beootmung op de roude Knäppchen dréckt.






**Benotzung vun der OxyMask am Constant-Flow**



E *bewosstlosen Daucher, deen awer nach selwer otemt*, muss iwwer d'OxyMask[1], déi um Constant-Flow ugeschloss ass, Sauerstoff kréien.

Och en *Daucher, dee selwer otemt a bei Bewosstsinn ass*, kann och d'OxyMask benotzen.



[1] OxyMask – Features and Benefits: https://www.youtube.com/watch?v=k7eVK41luFM

**Zwee Defibrillatoren zu Lëltz (Lultzhausen)**

1. **Um Poste de Secours CGDIS**

Op Ufro vun der FLASSA huet de Sportsministère en ëffentlech zougänglechen Defibrillator un der Baussemauer vum Poste de Secours vum CGDIS installéiert, deen zanter dem 29. Mee 2020 operationell ass. Et ass e vollautomateschen Apparat mat Verbindung zum 112 wann en aus der Këscht geholl gëtt. Zum Equipement gehéiert eng Gebrauchsuleedung, e Set Elektroden fir Erwuessener an ee fir Kanner an en allgemengen Noutfallpak.





2. **Um Pompjeesbau**

En aneren ëffentlech zougänglechen Defibrillator hänkt um Pompjeesbau zu Lëlz an der Driicht.

